

**Här Claude Wiseler  
President vun der Chambre  
des Députés**

Lëtzebuerg, den 18. Mäerz 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech dës parlamentaresch Fro zum Delai vun engem Avis vun der „Commission d'aménagement“ am Kader vum PAG (Plan d'aménagement communal) un den Här Inneminister weiderzeleeden.

An der „Version consolidée applicable au 01/10/2023“ vum Gesetz vum 19. Juli 2004 iwwert den „aménagement communal et le développement urbain“ ass am Artikel 11 keen Delai méi fir en Avis vun der « Commission d'aménagement » virgesinn.

Gläichzäiteg steet am selwechten Artikel awer och: „A défaut par la commission d'aménagement de faire parvenir son avis au collège des bourgmestre et échevins dans le délai prévu à l'alinéa 2, le conseil communal peut passer au vote du projet d'aménagement prévu à l'article 14. »

An deem Kontext géif ech gäre follgend Froen un de Minister stellen:

- Gedenkt de Minister dëse Widdersproch ze behiewen?
- Sinn dem Minister Fäll bekannt an deene Gemenge rechtskräifteg Decisioune geholl hunn ouni den Avis vun der uewegenannter Kommissioun ofzewaarden?
- Wéi steet et allgemeng mat der Rechtssécherheet, zumools och wann eng Gemeng eng Ännerung am Zesummenhang mat engem „Plan Directeur Sectoriel“ virhëlt ouni dësen Avis ofzewaarden?

Mat mengem déifste Respekt,



Nathalie MORGENTHALER  
Deputéiert



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°486 vun der Madame Deputéiert Nathalie Morgenthaler zum Sujet "Avis vun der Commission d'aménagement"**

Den Delai vu 4 Méint, deen d'Commission d'aménagement hat fir hir Avisen ze ginn, gouf iertemlecherweis ënnert der éischter Dräier-Koalitioun vun DP, LSAP an Déi Gréng mam Gesetz vum 17. Abrëll 2018 iwwert den Aménagement du Territoire ofgeschaaft.

Am Kader vum Gesetzesprojet N°7139 gouf dësen Delai nees iwwert e parlamentarescht Amendement agefouert. Rechtskräfteg ass des Ännerung awer nach net, well de Gesetzesprojet N°7139 nach net gestëmmt gouf.

Aktuell ginn Iwwerleeunge gefouert am Kader vum Aarbechtsgrupp iwwert d'Simplification administrative, fir den Delai vun der Commission d'aménagement weider ze reduzéieren.

Et si keng Fäll bekannt, an deenen eng Gemeng eng rechtskräfteg Decisioun geholl huet, ouni den Avis vun der Commission d'Aménagement ofzewaarden.

Eng Gemeng begeet kee Prozedurfeeler, wann se den Avis bei der Commission d'aménagement ufreet an net ofwaart. E Prozedurfeeler entsteet nëmmen dann, wann eng Gemeng d'Commission d'aménagement net saiséiert an de Gemengerot den allgemenge Bebauungsplang unhëlt.

Lëtzebuerg, de 17. Abrëll 2024  
Den Inneminister  
(s.) Léon Gloden